# Dem Elchi säin Newsletter

Léif Elchekanner,

den Elchi mellt sech mat den neisten News aus dem Schwarzwald zeréck.

**<u>Réckbléck</u>**

Den 28. Mee war d'SLUF-Famill um ING Marathon aktiv: Mir haten net nëmmen en eegene Gedrénksstand um Glacis, mee hunn och bei der Blockandeelung an der Medailevergab gehollef. All deenen, déi gehollef hunn nach emol e gigantesche Merci: Ouni iech hätte mir et net gepackt! Dir sidd mega! 🥰




Den 1. Juli goufe beim Pub-Quiz dann erëm eng Rëtsch gro Gehierzelle reaktivéiert ...oder am Frust ersoff. D'Equipe *Damme 5* huet allerdéngs bewisen, datt si effektiv keng Wissenslücke haten, an esou konnte si sech den Titel vun den Allwëssende souverän sécheren. 👏🤓

Gratulatioun och eise Volleyballer*innen, déi um Intercercle zu Kaiserslautern alt nees deenen anere Cercle bewisen hunn, datt si an der Sportaart näischt ze radetten hunn. 💪🏆



An och beim Bluttspend-Marathon huet de SLUF déi éischt Plaz ofgeraumt mat enormen 9000mL Blutt, déi mir gespent hunn. Dat ass e Rekord! 🤩 Merci u jiddereen, dee spende gaangen ass: dir hutt doduerch net nëmmen dem SLUF seng Renommée gesteigert, mee virun allem och Mënscheliewe gerett. Dofir: Respekt! 👏👏

**<u>Nationalfeierdag</u>**

Wéi all gudde Patriot feiert den Elchi natierlech muer den **23. Juni** net de Gebuertsdag vum Grand-Duc, mee datt mir en Dag fräi hunn fir zesummen een ze hëppen. Den Heng ass scho quasi garantéiert. 🙃

Ab 20h treffe mir eis dofir am Cheers. Schmiert är Stëmmbänner schonn emol gutt (entweder am Viraus oder sur Place 🍺), well dat eent oder anert lëtzebuergescht Lidd gëtt bestëmmt ugestëmmt. A fir deng Heng (wat fir een elo?) adequat ze feieren, gëtt et natierlech och e Patt!




**<u>Tickete Studentebal</u>**

De Studentebal steet virun der Dier. Den **8. Juli** geet et erëm lass! 🤩 Den Elchi steet nees zesumme mat senge Kolleege vun der ALUS a vum AELK op engem Stand. 💚

Dir kënnt ab elo fir 10€ VVK Tickete bei engem Comitésmember oder beim Elchi kafen! <u>Bis e Samschden, de 25. Juni</u>, huet all Member Virrang op 4 Ticketen. Dono geet de fräie Verkaf op. Macht iech also bei! 😇

**<u>SLUF-Trikot</u>**

Besser spéit wéi ni! Nodeems et am éischten Ulaf leider net mat den Trikote geklappt huet, gëtt den Elchi eng nei Commande an Optrag. Sou sidd dir och beim Schweesse weiderhin nobel gekleet. 🥵🤩

Hei um Bild kënnt dir kucken, wéi den Trikot wäert ausgesinn (a jo, en huet Äerm). De Präis läit viraussiichtlech bei maximal 35 Euro.

Iwwert dëse Formulaire kënnt dir iech een vun dëse wonnerschéinen Trikote sécheren:

https://forms.gle/WjqGbZkDuVJbZuf87

Deadline fir d'Bestellung ass de <u>5. Juli 2022, 23h59</u>.




**<u>Wäifest</u>**

Et ass zwar kee Miseler Wéngchen, mee trotzdeem: Den **1. Juli** geet d'SLUF-Famill op d'Wäifest hei zu Freiburg. Treffpunkt ass um **19h virum Münster**. Natierlech gëtt den Elchi och e Patt. 😁🍷

**<u>Wanderdag</u>**

Paakt är gutt Schong aus: Sonndes den **3. Juli** gi mir nämlech all zesummen op Wanderung.

Wann s du gäre wëlls mat op de Feldberg wandere goen, da fëll w.e.g. dëse Formulaire aus:

https://forms.gle/oshcfKkFPsoFBk1k6

Mir wäerte mam ëffentlechen Transport bis dohi fueren (sonndes ass dee mam 19-Uhr-Nachweis gratis fir Student*innen). No der Wanderung gi mir eis an den Auerhahn erhuelen an do gëtt et dann och e Patt zum beschten éiert et mam Öffi erëm zeréck op Freiburg geet. <u>Bréngt Boergeld mat</u> fir am Auerhahn ze bezuelen, wann dir do eppes iessen oder nach eppes weideres drénke wëllt.

**<u>Hei de Kalenner mat alle weideren Eventer:</u>**

| | |
|---|---|
| 23. Juni | Nationalfeierdag |
| 25. Juni | Soccergolf |
| 1. Juli | Wäifest |
| 3. Juli | Wanderdag |
| 8. Juli | Studentebal |
| 16. Juli | Grillfest |
| 12. bis 14. August | 35 Joer SLUF |

De **Stammdësch** fënnt weiderhin **all Mëttwoch am Cheers** statt.

Haalt är Gewei weiderhin schéi steif,
Ären Elchi